N°2570
Entrée le 04.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.07.2025
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister an d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Virun e puer Deeg koum et zu engem Changement an der Entrée vum Findel. Bis ewell goufen d'Passagéier mat engem groussen Embleem mam Text "Moien" begréisst. Dës flott Begréissung gouf awer elo duerch en neien Embleem mam franséischen Numm vun eisem Land "Luxembourg" ersat.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi ass déi Decisioun begrënnt de "Moien" an der Entrée vum Findel ewechzehuelen an duerch "Luxembourg" ze ersetzen. Handelt et sech ëm eng temporär oder eng dauerhaft Moossnam?
2) A menger parlamentaresch Fro Nummer 586 hat ech d'Regierung ausserdeem gefrot, ob um Findel eng Beschëlderung op Lëtzebuergesch virgesi wier. D'Regierung huet deemools mat Nee geäntwert. Ass dat nach ëmmer sou? Falls jo, firwat?
3) Gesäit d'Regierung dann net, genausou wéi och am Fall vum aktuellen Embleem, e Widdersproch zu hirem Verspriechen am Koalitiounsaccord, d'Lëtzebuerger Sprooch ze förderen?

Mat déiwem Respekt,

Keup

Fred Keup
Deputéierten